PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 15:51, 04/06/2020

n° 2335

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.**

De Chaos Computer Club Lëtzebuerg warnt an engem Pressecommuniqué vum 3te Juni 2020 iwwer Onsécherheeten elektronesche Patientendossier (Dossier de Soins Partagé, kuerz DSP). D'Organisatioun bemängelt virun allem, dass vu Säite vum Gesondheetsministère net kloer ass, wéi d'Donnéeën technesch geséchert sinn.

D'Schafe vun enger zentraliséierter Datebank, wou ganz sensibel a perséinlech Informatiounen iwwer all d'Bierger gespäichert ginn mécht dës Datebank immens wäertvoll an dofir attraktiv fir méiglech Hackerugrëff. Hei schreift och de Chaos Computer Club

> "Esou een elektronesche Patientendossier ass natierlech ufälleg fir Mëssbrauch. Zentral Datebanke sinn ëmmer eng Gefor fir Privatsphär, wëll et muss nëmmen een technesche Feeler dra sinn, deen et kriminellen erméiglecht un Donnéeën ze kommen, an esou ass Privatsphär vun all Bierger beanträchtegt"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A menger parlamentarescher Fro n°1391 hat ech mech ëm d'Opt-Out-Prozedur am E-Patientendossier informéiert. D'Regierung huet hei erkläert, dass d'Versécherten ëm hier Rechter informéiert ginn an den Dossier och kënnen zoumaachen.
   - Wat geschitt mat deenen Donnéeën, déi schonn am DSP gespäichert goufen?
   - Ginn dës Donnéeë mat der Desaktivéierung automatesch geläscht oder muss den Assuré dat nach eng Kéier extra ufroen?

2. Wat geschitt, wann Donnéeë falsch agedroe goufen? Wéi kënnen d'Versécherten dat préiwen an Ännerungen ufroen?

3. Op eSanté steet geschriwwen:

> Die Daten werden in einem « Gesundheitssafe » in Luxemburg gespeichert. Die Informationen werden gesichert übertragen und verschlüsselt gespeichert.

Wéi ass dësen "Gesundheitssafe" technesch geséchert?

4. Existéiert ee Sécherheetsaudit iwwert den DSP? Falls jo, wäert de Ministère dëse veröffentlechen? Falls nee, wär et net opportun, esou een opzestellen, fir Risiken aus dem Wee ze goen?

5. Deelt d'Regierung d'Aschätzung vun de Piraten, dass all IT-System ka geknackt ginn?

6. Wäert d'Regierung Precautiounen huelen, dass den DSP just a Presenz oder nëmme mam explizitten Accord vum Patient (zum Beispill duerch eng Authentifizéierung) consultéiert ka ginn?

7. Wäert am Kader vum DSP och de Patient eng synchroniséiert Kopie vu senge gesamten Daten op engem digitale Medium kënnen hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 04 juin 2020

Objet : Question parlementaire n° 2335 du 04.06.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Dossier de Soins Partagé

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés